LSAP FRÉISENG

Kommentar vun der LSAP Sektioun Fréiseng / 30.11.2023

D'Gemeng Fréiseng huet **13 Kommissioune** wou och d'Bierger kenne matschaffen. No de Gemengewalen (Juni 2023) mussen des Kommissiounen nees nei besat ginn.

Schued, datt d'Gemeng Fréiseng hir Kommissiounen esou spéit opstellt. Esou sinn d'Membere fir d'Kommissiounen eréischt an der Gemengerotssëtzung vum 29. November 2023 gewielt ginn.

An enger Kommissioun matschaffen, kann eng interessant Form vu Biergerbedeelegung sinn. Dat kann awer nëmme geléngen, **wann des Kommissiounen och gutt funktionéieren.**
Mer wënschen dem Schäfferot eng besser Hand wéi datt an de leschte Joren de Fall war. Do si **Virschléi** aus de Kommissioune wéineg eescht geholl ginn oder mol net bis an de Schäfferot komm.

Fir déi **nei Besetzung** vun de Kommissiounen hun sech nees eng Rei Bierger gemellt. Et mierkt een awer, datt et meeschtens di selwecht sinn, wou sech scho jorelaang mellen.
Kann et sinn, datt Leit och net genuch Bescheed wëssen, wat Kommissioune sinn a wéi se funktionéieren? De Flyer vun der Gemeng erkläert dat net.
Kann et sinn, dat Leit sech och net wëllen iwwert bal 6 Jore engagéieren? Et feele sécher nach mi flexibel Forme vu Bedeelegungen an der Gemeng, wou een och méi kuerzfristeg ob engem Projet hëllefe kann.

D'**Presidenteposten** an den eenzele Kommissioune sinn ëmmer an der Hand vun der aktueller Majoritéit "Är Equipe/DP". Eng **bestëmmten Zuel Plaze** geet un di verschidde Parteie souwéi u Vertrieder vu Vereenegungen. Da bleiwen nach eng Rei Plaze wou Bierger sech dierfen drop mellen. Des **Bierger ginn am Gemengerot gestëmmt.**
Well "Är Equipe/DP" d' Majoritéit beim Ofstëmmen hunn, entscheeden si finalement, wéi eng Bierger do erakommen. An esou bleift d'Kierch och schéin am Duerf. Bis déi éischt Kommissioune rullen ass et da wuel 2024, a **6 Méint si leider verluer gaangen**.

Commentaire du LSAP Sectioun Frisange / 30.11.2023

La commune de Frisange compte **13 commissions** dans lesquelles les citoyens peuvent participer. Après les élections municipales (juin 2023), ces commissions doivent être renouvelées.

Bien dommage que la commune de Frisange renouvelle ses commissions si tard. Ainsi, les membres des commissions n'ont été élus que lors de la séance du conseil municipal du 29 novembre 2023.

Travailler dans une commission peut être une façon intéressante pour participer dans sa commune. Toutefois, cela n'est possible que **si les commissions fonctionnent bien.**
Nous souhaitons au collège échevinal une meilleure main que les années passées. Car les **propositions** des commissions n'ont souvent pas été prises au sérieux par les échevins ou ne leur ont même pas été soumis.

Un certain nombre de citoyens se sont inscrits pour la **nouvelle nomination** des commissions. Pourtant on constate que ce sont majoritairement les mêmes personnes qui posent leur candidature depuis des années.
Se pourrait-il que les gens ne soient pas assez informés au sujet des commissions et de leur fonctionnement ? Le dépliant distribué par la commune ne l'explique pas.
Se pourrait-il que les gens ne veuillent pas s'impliquer à longue durée de presque 6 ans ? Dans notre commune il manque encore des formes d'implication plus flexibles permettant de soutenir un projet à court terme.

La **présidence** dans les différentes commissions reste toujours entre les mains de la majorité actuelle « Är Equipe/DP. Puis, un **nombre défini de sièges** est prévu pour les partis politiques et les représentants d'associations. Un autre contingent de places est prévu pour les **citoyens à élire par le conseil municipal**.

Puisque Är Equipe/DP détient la majorité lors du vote, ce sont eux qui décident en fin de compte quels citoyens sont admis. Ainsi « l'église va être bien gardée au milieu du village ». En attendant les premières réunions de commissions, nous serons probablement en 2024, et **6 mois ont malheureusement été perdus.**